adr:

*Alternativ Demokratesch Reformpartei*

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
30 JAN. 2020
1799

Lëtzebuerg, den 30. Januar 2020

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Educatiounsminister an un den Här Minister vum ëffentlechen Déngscht weiderzeleeden.

Wann en Enseignant 40 Joer aktiv ass, huet en, nom Gesetz vum 25.03.2015, 180 Stonne Weiderbildung („formation continue") ze maachen, mee nom Gesetz vum 01.08.2019 sinn et der elo (40x16 =) 640. No deem méi rezente Gesetz ass also d'Zuel vun deene Stonne méi wéi verdräifacht ginn. Déi zousätzlech 460 Stonne Weiderbildung sinn net mat Avancementer verbonnen. Doriwwer eraus ass et esou, datt wann d'Enseignantë méi wéi 48 Stonne Weiderbildung an enger Referenzperiod vun dräi Joer gemaach hunn, da kënnen si nëmme 16 Stonnen eriwwer huelen, all déi aner verfalen.

Dowéinst wollt ech dem Här Educatiounsminister an dem Här Minister fir den ëffentlechen Déngscht dës Froe stellen: .

1. D'Gesetz vum 01.08.19 schéngt net am Aklang mam Gesetz vum 25.03.15 ze sinn. Gesinn déi Häre Ministeren do Kontradiktiounen oder Onkloerheeten? Kënnen déi Häre Ministeren erklären, wéi déi verschidde gesetzlech Bestëmmunge koherent ze liesen an z'interpretéiere sinn?
2. Wat justifiéiert déi Dispositioun, datt den Enseignant muss déi 640 Stonnen exklusiv a senger Virbereedungszäit maachen? Ass esou eng Virschrëft eng Aschränkung vun de Rechter vum Enseignant am Vergläich zu anere Staatsbeamten an der A1 Karriär, bei deenen d'Formatioun an der „Aarbechtszäit" geschitt? Misst den Enseignant do net méi Flexibilitéit hunn?

Wat justifiéiert déi Dispositioun, datt den Enseignant muss bis zu 460 Stonne Weiderbildung méi maache wéi aner Staatsbeamten, bei deenen d'Weiderbildung och nach mat Avancementer verbonnen ass?

Fir de Fall wou Dechargë fir d'Weiderbildung vum Enseignant virgesi sinn, wéi sinn déi gerechent a ginn déi, an den An vun der Regierung, duer?

Wann eng Schoul eng „Journée pédagogique"Samschdes mécht oder esou eng Aktivitéit am Ausland organiséiert, ass dann d'Participatioun och obligatoresch? Wéi eng gesetzlech Basis reegelt esou Situatiounen? Ass déi ministeriell Instruktioun no där eng „Journée pédagogique" „au sein d'un établissement » organiséiert gëtt, och op d'Lokalitéite bezunn ? Wann nee, wéi eng Interpretatiounsméiglechkeete gëtt et a wéi sinn déi gesetzlech ofgeséchert?

Ass d'Ofhale vun enger « Journée pédagogique » op engem Samschdes nach mam aktuellen Aarbechtsrecht iwwer d'Rouzäite compatibel, wann en Enseignant muss Méindes nees schaffe goen?

3. Wéi kann et sinn, datt wann d'Enseignantë méi wéi de Minimum u „formation continue" maachen, se dann nëmme 16 Stonnen an déi nächst Referenzperiod kënne mat eriwwer huelen? Gëtt et nach aner Carriere beim Staat wou eng Weiderbildung verfält?
4. Ass et sënnvoll, datt den Enseignant muss bis zum Enn vu senger Aktivitéit eng Weiderbildung maachen? Bei wéi engen anere Carrière beim Staat gëllen esou Reegelen? Wär et net sënnvoll speziell Dispositiounen an och avantagéis Dispositioune fir Fächer ze huelen, an deenen e rapiden techneschen oder wëssenschaftleche Progrès eng Weiderbildung wierklech néideg mécht?
5. Ginn d'Enseignanten an d'Beamten am allgemenge genuch consultéiert fir si ze froen, wéi eng Coure fir si iwwerhaapt sënnvoll sinn? Leider ass et esou, datt vill Leit sech beschwéieren, datt déi Coursen déi si offréiert kréie fir si net wierklech relevant sinn. Misst de Staat senge Beamten net offréieren, op anere Plaze kënne fir si sënnvoll a qualitativ héichwäerteg Couren ze maachen, déi de Staat dann als Weiderbildung géing unerkennen?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

**Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend a vum Minister fir d'Fonction publique op d'parlamentaresch Fro Nr. 1799 vum honorabelen Här Deputéierte Fernand Kartheiser**

**Ad 1)**

D'Dispositiounen zur Weiderbildung, déi an den zwee zitéierte Gesetzer stinn, hunn ënnerschiddlech Finalitéiten:

- D'Weiderbildung, déi am Gehälter-Gesetz vum 25.03.2015 steet, erméiglecht all den Agente vum Staat, fir an de Genoss vun der Promotioun an den "niveau supérieur" (12 Deeg Weiderbildung) an an de leschte Grad (30 Deeg Weiderbildung) vun der Karriär ze kommen. Dës Weiderbildung erlaabt also d'Weiderentwécklung vun der Remuneratioun;
- D'Gesetz vum 01.08.2019 ersetzt den Artikel 5 vum Gesetz vum 10.06.1980 an integréiert d'Weiderbildung (48 Stonnen an enger Period vun 3 Joer) an d'Tâche vun den Enseignantë vum Enseignement secondaire.

Et gëtt keng Kontradiktioun tëscht deenen zwee Gesetzer: déi Stonne Weiderbildung, déi en Enseignant vum Secondaire am Kader vu senger Tâche mécht, ginn ugerechent fir d'Promotiounen, déi am Gesetz vum 25.03.2015 virgesi sinn.

De CGPO wäert vum Oktober 2020 un, wann d'Ausnam, déi am Art. 50, Paragraph 5, vum Gehältergesetz fir d'Enseignantë virgesinn ass, ewechfält, déi Stonne Weiderbildung, déi am Kader vum Gesetz vum 01.08.2019 virgesi sinn, urechne fir d'Promotiounen, déi am Gehältergesetz virgesi sinn.

**Ad 2.1)**

D'Gesetz vum 10.06.1980 beschreift explizitt, wéi eng Aktivitéiten zur Tâche vun den Enseignantë vum Enseignement secondaire gehéieren: als "Aarbechtszäit" gëllen net just déi Zäite vum Unterrecht an de Klassen, mee eng ganz Rei aner Aktivitéiten, dorënner och d'Virbereede vum Unterrecht. Eng "Virbereedungszäit" stricto sensu ass net am Gesetz vum 10.06.1980 definéiert; d'Gesetz vum 01.08.2019 bestëmmt dofir och net, datt d'Weiderbildung misst an der "Virbereedungszäit" gemaach ginn.

Doduerch, datt d'Tâche vun den Enseignantë vu Grond op anescht definéiert ass wéi déi vun den aneren Agente vum Staat, sinn déi 2 Situatiounen net vergläichbar: et besteet keng Aschränkung vun de Rechter vum Enseignant am Vergläich zu anere Staatsbeamten an der A1 Karriär.

D'Enseignanten hunn eng grouss Flexibilitéit am Choix vun de Weiderbildungen, am Beräich vun den Themen, vun de Formater, vun de Formatiouns-Instituter an och vun den Horairen, souwäit et keng Interferenz mat den Unterrechtsstonne gëtt. Am Fall vun esou enger Interferenz kann den Enseignant just mat der Autorisatioun vum Direkter un der Weiderbildung participéieren (Instruction ministérielle vum 22.06.2018).

**Ad 2.2)**

Wéi scho bei der Fro 1 gesot, beneficiéieren och d'Enseignantë vun den Avancementer, déi am Gesetz vum 25.03.2015 virgesi sinn, wann si déi gefuerdert Zuel vu Formatiounsdeeg gemaach hunn.

Den Educatiounsminister weist och explizitt op d'Roll vun der Weiderbildung wärend der ganzer Karriär fir déi professionell Weiderentwécklung vun den Enseignanten hin:

- Neierungen an de Schoulen, z. B. d'Aféiere vun de *Cours de base - Cours avancés* oder d'Digitaliséierung am Unterrecht duerch ënnert anerem den Asaz vun elektroneschen Tablets, awer och d'Begleedung vu Kanner a Jonke mat spezifeschem Fërderbedarf an déi spezifesch schoulintern Entwécklungen erfuerderen, datt d'Enseignantë sech lafend weiderbilden. Dës Entwécklunge betreffen net just eenzel Fächer, mee all Enseignant.
- D'Wichtegkeet vun der Weiderbildung fir d'Léiere vun de Schülerinnen a Schüler a fir eng erfollegräich Schoul gëtt duerch eng Rei wëssenschaftlech Studien beluecht, z. B. eng englesch Etüd, déi positiv Effekter op d'Léiere vun de Kanner a Jonke beleet, wann d'Enseignanten, nieft anere Facteuren, vill Stonne Weiderbildung maachen, sech reegelméisseg fir Concertatiounen treffen oder sech géigesäiteg an d'Klass besiche ginn (Hospitatioun) (Helmke, Andreas (2012): *Unterrichtsqualität und Lehrerprofessionalität. Diagnose, Evaluation und Verbesserung des Unterrichts.* Seelze: Klett Kallmeyer, S. 314-315)

Fir den ënnerschiddleche Besoine vun jidder eenzelen Enseignant a vun de Schoulen entgéintzekommen, bitt den Institut de formation de l'Éducation nationale (IFEN) eng ganz grouss Bandbreet vun Themen un. Et ginn och ganz ënnerschiddlech Weiderbildungsformater proposéiert, vu Konferenzen iwwer Seminairen, Formatioune mat méi Modullen an dertëschent Praxis-Phasen, bis hin zu méi informelle Formater wéi Hospitatiounen, Austauschgruppen an Netzwierker, wou den Austausch an d'Mateneen- a Vunenee-Léieren am Mëttelpunkt stinn.

**Ad 2.3)**

Et si keng Dechargë fir Weiderbildung vum Enseignant virgesinn. Sou wéi an den Äntwerten 1 an 2 gesot, ass d'Weiderbildung en Deel vun der Tâche vum Enseignant.

**Ad 2.4)**

An de ganz rare Fäll, wou eng Journée pédagogique samschdes stattfënnt oder am Ausland organiséiert gëtt, ass d'Participatioun net obligatoresch. An der Instruction ministérielle si mat au *sein de l'établissement* net d'Lokalitéite gemengt. Et ass gemengt, datt d'Journée pédagogique vun der Schoul a fir d'Schoul organiséiert gëtt.

Doduerch, datt d'Formation continue an also och eng Participatioun un enger Journée pédagogique, wéi an den Äntwerten 1 an 2 scho gesot, en Deel vun der Tâche vum Enseignant ass, applizéiere sech dofir déi

allgemeng Bestëmmunge vun den Agente vum Staat, wat Ofsécherung, Aarbechtsongléck, Trajetsongléck a Frais de route ugeet, onofhängeg dovun, wéini an op wéi enger Plaz d'Weiderbildung ass.

**Ad 2.5)**

Souguer wann eng Journée pédagogique samschdes nomëttes wier, also mat fräiwëlleger Participatioun, géifen d'Dispositioune vum Artikel 18-5. vum Statut respektéiert ginn (Rouzäit vun op d'mannst 24 konsekutive Stonne wärend enger Period vu 7 Deeg, dozou nach 11 Stonne Rouzäit pro Dag).

**Ad 3)**

Dës Dispositioun war am Summer 2015 an Ofsprooch mat de betraffene Gewerkschafte festgehale ginn. Et geet drëms, ze assuréieren, datt d'Weiderbildung vun den Enseignanten fortlaafenden, kontinuéierlechen a reegelméissege Prozess ass.

**Ad 4)**

Dës Fro ass schonn am zweeten Deel vun der Äntwert op d'Fro 2.2 beäntwert.

**Ad 5)**

a) Wat d'Enseignantë betrëfft:
Den IFEN consultéiert iwwer verschidde Weeër d'Enseignanten an d'Schoulen, wéi eng Weiderbildungen si sech wënschen:

- Zum Schluss vun all Formatioun, déi vum oder mam IFEN organiséiert gëtt, ginn d'Participantë gefrot, fir en Evaluatiounsformulaire auszefëllen. An deem Questionnaire ginn d'Participanten invitéiert, fir Ureegungen a Virschléi fir nei Weiderbildungen ze maachen, déi si interesséieren;
- Den IFEN ass am Kontakt mat all de *commissions nationales des programmes* a *commissions nationales des formations* a freet si, fir Iddien oder Propositioune fir Weiderbildungen anzereechen. Am Dialog mat de Kommissioune ginn dann entspriechend Weiderbildungen entwéckelt a proposéiert;
- Op Ufro vun de Schoule gi schoulintern Formatiounen op Mooss organiséiert, an enker Ofsprooch tëscht der Direktioun an de Weiderbildungsdelegéierte vum Lycée, de kompetente Formatricen a Formateuren, an dem IFEN.

Donieft bitt den IFEN pro Joer eng grouss Palett vun Themen a Formater un, wou d'Enseignanten de fräie Choix hunn, déi Formatiounen, déi si als sënnvoll ugesinn, auszewielen, souwäit wéi Plaze fräi sinn. Am Schouljoer 2018-2019 ware 650 vun den am ganzen 2.211 Weiderbildungen nei Formatiounen.

D'Auswäertung vun den Evaluatiounsformulairë vum IFEN weist eng grouss Zefriddenheet vun de Participanten. Am Schouljoer 2018-2019 koume méi wéi 18.000 Formulairen zeréck.

- 90,2 % vun de Participantë soen, si wieren "zefridden" oder "ganz zefridden" mat der Formatioun, déi si matgemaach hunn;
- 88 % vun de Leit soen, d'Inhalter vun der Weiderbildung wiere "genuch verdéift" ginn, an 83,3 % soen, d'Inhalter wieren an hir Beruffspraxis transposabel;
- D'Formatricen a Formateure gi vu 96,3 % vun de Participanten als kompetent ageschat, a 86,3 % soen, datt hir Erwaardunge wärend der Formatioun a Betruecht geholl goufen;
- 85 % vun de Participantë fannen, datt d'Formatioun si derzou ugereegt huet, iwwer hir professionell Praxis ze reflektéieren, a 87,4 % soen, si kéinten d'Inhalter aus der Formatioun uwenden.

D'Enseignantë kënnen nieft dem IFEN och bei anere Formatiounsinstituter Weiderbildunge maachen. Esou Weiderbildunge gi vun der Direktioun vum Lycée op Demande vum Enseignant an der Applikatioun *eFormation* validéiert.

Den IFEN bedeelegt sech un de Frais d'inscription fir de Fall, wou en Enseignant sech mat positivem Avis vu senger Direktioun an eng Weiderbildung bei engem anere Formatiounsinstitut aschreift, sou wéi et am Artikel 98 vum Gesetz vum 30.07.2015 virgesinn ass.

b) Wat d'Beamten am Allgemenge betrëfft:
Den INAP consultéiert och, wéi den IFEN, d'Beamten, fir hinne kënnen déi bescht méiglech Weiderbildung ze erméiglechen. An deem Kader gräift den INAP och op Evaluatiounsformulairen zeréck, déi no all Formatioun un d'Participantë geschéckt gi fir auszefëllen. Esou gëtt de Contenu, de Formateur an awer och d'Organisatioun genee analyséiert fir ëmmer weider de Besoinen ze entspriechen.

Fir d'Joer 2019 konnt den INAP ë. a. folgend Statistiken zeréckhalen:
- 91,29 % vun de Formatioune goufe vun de Participantë mat "ganz gutt" oder "gutt" evaluéiert;
- 6,43 % mat "zefridden";
- 1,39 % mat "onzefridden", an
- 0,89 % mat "ganz onzefridden".

All d'Ministèren an d'Administratioune kënnen sech beim INAP mellen, fir hir spezifesch Besoinen an der Weiderbildung an engem individuell ofgestëmmte "Plan de Formation" opzestellen. Esou gi bestoend Formatiounen identifizéiert an och aner Demanden an der Weiderbildung, déi net am generelle Formatiounskatalog vum INAP opgezeechent sinn, berécksiichtegt.

Wann eng gewëssen Urgence besteet oder wa kee Besoin besteet, fir e ganze Plan de Formation ze elaboréieren, kann ee beim INAP och e Projet de service ufroen. Dat si spezifesch

Formatiounen, déi net am generelle Formatiounskatalog vum INAP virgesi sinn, an déi fir ee bestëmmte Service vum Ministère oder vun enger Administratioun organiséiert ginn.

D'Beamten am Allgemenge kënnen nieft dem INAP och bei anere Formatiounsinstituter Weiderbildunge maachen. Esou Weiderbildunge gi vum INAP op Demande vum Beamten assimiléiert. Eleng 2019 goufe fir de Staatssecteur iwwer 7.000 Formatiounen assimiléiert. Bei deenen Assimilatioune gëtt gekuckt, wat eventuell och kann an de Katalog vum INAP opgeholl ginn. Et weist awer och, datt ganz spezifesch Demanden an der Weiderbildung bestinn, an datt dës iwwer de Wee vun der Assimilatioun och kënne berécksiichtegt ginn.